

Nohalteg Finanzen

Zënter dem zweete Weltkrich huet Europa en impressionante Wirtschaftswuesstem erlieft. Dëse Wuesstem huet och eng Rei negativ Repercussiounen op eis Ëmwelt, Klima a Gesellschaft am Allgemengen. Well net jiddereen huet gläichermoosse vun dëser Entwécklung profitéiert.

Zu Paräis gouf 2015 e Klimaafkommens ausgehandelt an deem all d'Länner versprach hunn, hiert Bescht ze maache fir déi global Erwärmung ënner 2° ze halen. Fir dëst liebenswichtige Zil ze erreechen, mussen d'Entreprisë méi nohalteg produzéieren a wirtschaften an si mussen hir Prozesser änneren, Fabriken ëmbauen a Maschinnen kafen déi manner Energie verbrauchen. Si mussen Fuerschung an Innovatioun bedreiwe fir nohalteg Léisungen ze fannen. Dëst alles erfuerdert vill Sue fir d'Ëmsetzung a grad hei kënnst déi nohalteg Finanzéierung an d'Spill.

Dësen Iwwergang zu enger méi nohalteg-globaler Wirtschaft bitt d'Geleeënheet fir „positiv“ an d'Industrie ze investéieren. Grouss international Investisseuren a Spuerer sinn haut méi wéi jee dorun interesséiert an esou Finanzprodukter ze investéieren, well si Ertrag produzéieren an zu enger positiver Entwécklung bäidroen.

D'Finanzplaz Lëtzebuerg ass zënter Jore schonn e Pionéier a Saachen nohalteg Finanzen. Enn der 1990^{er} Joren an um Ufank vun den 2000^{er} huet dat duerch d'Mikrofinanzéierung an de verantwortbaren Investissementer ugefaangen, dank och der lokaler Fongenindustrie. 2007 ass dann déi éischt Gréng Obligatioun vun der BEI (Europäesch Investitiounsbank)



- Bis elo ass just 1% vun de Finanzverméige weltwäit op eng positiv Wierkung ausgeluecht
- D'Finanzplaz Lëtzebuerg ass zënter Jore schonn e Pionéier a Saachen nohalteg Finanzen
- 2016 ass déi gréng Lëtzebuurger Bourse an d'Liewe geruff ginn, déi haut méi wéi d'Hallschent vun den nohaltegen Obligatiounen weltwäit quotéiert an déi éischt Bourse iwwerhaupt ass, déi sech ausschliisslech op gréng an nohalteg Wäertpabeiere konzentréiert
- Lëtzebuerg huet „LuxFLAG“ gegrënnt, eng Agence déi kontrolléiert op déi gréng Finanzprodukter och dat hale wat si versprechen

emettéiert ginn an ass zënter hir op der Lëtzebuurger Bourse kotéiert. 2016 ass dunn déi gréng Lëtzebuurger Bourse an d'Liewe geruff ginn, déi haut méi wéi d'Hallschent vun den nohaltegen Obligatiounen weltwäit féiert an déi éischt Bourse iwwerhaupt ass, déi sech ausschliisslech op gréng an nohalteg Wäertpabeiere konzentréiert.

Lëtzebuerg ass och ee vun den éischte Staaten weltwäit deem eng Agence gegrënnt huet „Luxembourg Finance Labelling Agency (LuxFLAG)“, déi kontrolléiere soll op déi gréng Finanzprodukter och dat hale wat si versprechen.

Zënter 2020 gëtt et zu Lëtzebuerg e neien a voll engagéierte Partenariat tëschent dem Staat an der Finanzindustrie, d'„Luxembourg Sustainable Finance Initiative“, déi als Zil huet déi nohalteg Finanzindustrie zu Lëtzebuerg an doriwwer eraus auszubauen. Bis elo ass just 1% vun de Finanzverméige weltwäit op eng positiv Wierkung ausgeluecht. Mir mussen an Zukunft e Paradigmewiessel duerchzéien an op 99% kommen!

Zënter September 2020 ass Lëtzebuerg dat éischt europäesch Land mat engem Referenz-Kader fir nohalteg Obligatiounen. Nohalteg Obligatiounen sollen der Ëmwelt an dem Klima ze gutt kommen a sou d'Bekämpfung vum Klimawandel ënnerstëtzen. D'Recetten, déi duerch dës Obligatiounen erakommen, solle vun Staat exklusiv an nohalteg Projeten investéiert ginn, wéi zum Beispill grénge Wunnengsbau, d'Energie-Transitioun, een Transport mat wéineg CO2-Ausstéiss an eng méi nohalteg Waassergestioun. Den soziale Secteur soll net ze kuerz kommen, wéi zum Beispill d'Gesondheet, d'Education an den Aarbechtsmaart.